



N°6765  
Entrée le 05.09.2022  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 05.09.2022

Fernand ETGEN  
Président vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/09/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministère fir Famill an Integratioun & Wunnensbau weiderzeleeden.**

De 7ten Januar 2022 gouf an der Chamber d'Gesetz fir eenheetlech Krittäre fir een Handicappgerechten Accès zu Gebaier gestëmmt. D'Gesetz trëtt fir nei Gebaier de 7ten August 2023 an Kraaft, bestoend Gebaier hunn 10 Joer Zäit fir konform ze ginn. An dësem Gesetz gi 5 Reglementer opgelëscht (an den Art. 2, 3, 4, 5 an 11), déi sollen Detailler fir ëffentlech a privat Gebaier festhalen an och sollen d'Voie publique méi benotzerfrëndlech fir Persoune mat Handicap maachen. Dës Reglementer si bis elo nach net deposéiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesche Datumer soen op deenen dës Reglementer wäerten an de Regierungsrat kommen?
2. U wéi enge Krittären orientéieren sech d'Bauhäre säit dem Januar 2022 vum dass d'Reglementer mat den detailléierte Virgaben nach net virleien?
3. Gesäit d'Ministesche hei net d'Gefor, dass wichteg Zäit verluere geet, an deene Gebaier gebaut ginn, déi da spéitstens an 10 Joer mussen amenagéiert gi fir dem uewe genannte Gesetz z'entsprechen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)



**Äntwert vun der Familljen- an Integratiounsministesch op déi parlamentaresch Fro n° 6765 vum Här  
Deputéierte Sven Clement iwwert d'Accessibilitéitsgesetz**

D'Accessibilitéitsgesetz (*Loi du 7 janvier 2022 portant sur l'accessibilité à tous des lieux ouverts au public, des voies publiques et des bâtiments d'habitation collectifs*) trëtt fir nei Gebaier den **1. Juli 2023** a Kraaft, laut den Dispositiounen vum Artikel 16. dësem Gesetz dräi Reglementer virgesinn :

- 1) Projet de règlement grand-ducal relatif à l'accessibilité à tous des lieux ouverts au public et des voies publiques portant application des articles 2, 3 et 5 de la loi du 7 janvier 2022 portant sur l'accessibilité à tous de lieux ouverts au public, des voies publiques et des bâtiments d'habitation collectifs ;
- 2) Projet de règlement grand-ducal relatif à l'accessibilité à tous des bâtiments d'habitation collectifs portant exécution de l'article 4, paragraphe 3 de la loi du 7 janvier 2022 portant sur l'accessibilité à tous de lieux ouverts au public, des voies publiques et des bâtiments d'habitation collectifs ;
- 3) Projet de règlement grand-ducal relatif à l'organisation et au fonctionnement du Conseil consultatif de l'accessibilité portant exécution de l'article 11, paragraphe 3 de la loi du 7 janvier 2022 portant sur l'accessibilité à tous de lieux ouverts au public, des voies publiques et des bâtiments d'habitation collectifs.

**1)**

D'Gesetz an déi dräi Reglementer goufen den 27. Juni 2018 vum Regierungsrat adoptéiert a goufen den 27. Juli 2018 an der Chamber déposéiert. Éischt Regierungsännerungen un den dräi Reglementer goufen den 7. Januar 2022 adoptéiert. De Regierungsrat gouf dunn eng zweet Kéier saiséiert, an zwar den 22. Abrëll 2022. D'Ännerungen zu de Reglementer sinn den 6. Mee 2022 vum Regierungsrat adoptéiert ginn a si momentan fir en Avis complémentaire beim Staatsrat.

**2)**

Fir d'Bauhären ass d'Thema „Accessibilité“ eigentlech näischt neits. De Secteur schafft mat der « *Loi du 29 mars 2001 portant sur l'accessibilité des lieux ouverts au public* » a mat den zwee Reglementer, déi momentan a Kraaft sinn. Et ass wichteg ze betounen dass sech vill op europäesch Norme baséiert gëtt. Ausserdeem gouf vun Ufank un ganz enk mam Ordre des Architectes et des Ingénieurs-Conseils (OAI) zesummege schafft, sou datt d'Architekten an d'Ingénieurs sech bei der Entwécklung vun neie Projete schonns ganz gutt konnte preparéieren.

Des Weidere gouf e „*Vademecum à l'usage des architectes et ingénieurs-conseils pour la mise en accessibilité des lieux ouverts au public et des voies publiques*“, souwéi e „*Vademecum à l'usage des architectes et ingénieurs-conseils pour la mise en accessibilité des bâtiments d'habitation collectifs*“, an Zesummenaarbecht mam OAI erstallt. Zousätzlech wäert no enger éischter Séance d'information, den 30. Mäerz 2022, eng weider Séance den 1. Dezember 2022 beim OAI stattfannen an där d'Reglementer am Detail virgestallt ginn.



3)

D'Accessibilitätsufuerderunge betreffend Neibaute sinn applicabel fir all Projeten fir déi d'Baugenehmegung no dem 1. Juli 2023 ugefrot gëtt. Dohier entwéckelen d'Architekten an d'Ingenieuren hir Projete schonns elo accessibel a bauen och deementspreechend. D'Ufuerderunge vum neie Gesetz an de Reglementer sinn notamment wéinst der enker Zesummenaarbecht mam OAI bekannt.

Bestoend ëffentlech Gebaier, also all d'Gebaier fir déi virum 1. Juli 2023 eng Baugeneemegung ugefrot ginn ass, hunn 10 Joer Zäit amenagéiert ze gi falls dat och matériellement méiglech ass. Soss gesäit d'Gesetz vir dat " Dérogations et solutions d'effet équivalent " méiglech sinn. Ausserdeem kennen déi zoustänneg Persounen fir d'Aarbechten un ëffentleche Gebaier innerhalb vu 5 Joer eng finanziell Hëllef ufroen. Deementspreechend ginn déi Leit incitéiert ze handele fir dat déi Amenagementer esou séier ewéi méiglech gemaach kënnen ginn.

Lëtzebuerg, den 03/10 /2022.

D' Ministesch fir Famill- an Integratioun

(s.) Corinne Cahen